
E klenge Schrëtt fir mech E grousse Schrëtt fir meng Ëmwelt

# GRÉNGEN INTERNET



Ech limitéieren d'Unzuel vun oppenen Internetsäiten.

Och eng onbenotzt Säit schafft am Hannergrond a frësst weider Energie.




Ech maache reegelméisseg den Tri a menger Mailbox.

Onnéideg Mailen / Spam iwwerlaaschten d'Datenzenteren wou se ofgespäichert sinn.




Ech tippen d'Web-Adress direkt an d'Adressbar an.

D'Benotzung vun enger Sichmaschinn erhéicht den Dateverkéier / Energieverbrauch.



Ech stockéieren nëmmen déi néideg Donnéeën an der Cloud.

All Datei, déi zu all Moment disponibel soll sinn, fuerdert de Server stänneg.




Ech vermeide grouss Dateien a menge Mailen a Messagen.

D'Resolutioun vun de Biller a Videos kann een z.B. erofsetzen.




Ech posten e bësse manner op de soziale Medien.

Digital Donnéeën hunn en direkten Impakt op den Energieverbrauch, an dofir op d'$CO_2$-Bilanz.



Ech miniméieren de Streaming a setzen d'Videoopléisung erof.

Online Videoe representéiere 60% vum weltwäiten Dateverkéier.



Ech installéiere keng Appen déi ech net wierklech brauch.

All Download vun enger App ass och Datentrafick.



Ech versuerge meng Apparater gutt an hale main Handy bis en net méi geet.

Bei engem neien Akaf optéieren ech fir e klengen Ecran.

## Manner Dateverkéier, manner Apparater

→ klengschrett.lu

**Editeur:**
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu

Ebl

**Partner:**

Youth for Climate Luxembourg

natur&ëmwelt

Äre Logo